

# FAQ Covid-19

## Base Nautique Lëlz

Versioun vum 28. Oktober 2021

### Basis vun dësem FAQ

Dëst Dokument hält di konkret Ëmsetzung vun de Mesuren am Zenter fest. Als Basis gëllen Mesuren di am sanitäre Konzept fir parascolaire Aktivitéiten vum SNJ vum 28.10.2021 festgehale sinn. All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemaach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

### Inhalter

1. Wéini muss een eng Mask unhunn? .....	2
2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?.....	2
3. Ginn et Restriktiounen bei der Zirkulatioun um Site? .....	2
4. Wéi organiséieren mir den Accueil? .....	2
5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt? .....	2
6. Wéi ginn d'Openthaltberäicher (Vestiaires, Pausen- & Openthaltssraum) agedeelt?.....	3
7. Wéi gëtt d'Botzen vum Zenter organiséiert?.....	3
8. Wéivill Leit dierfen an di verschidden Reuniounssäll ?.....	3
9. Wei ass d'lessen op der Base Nautique organiséiert?.....	3
10. Wat sinn d'Mesure wann de Serviceauto benotzt gëtt? .....	4
11. Plang vum Site - Accueil Gruppen .....	5
12. Mesuren op den einzelnen Aktivitéiten.....	6

## 1. Wéini muss een eng Mask unhunn?

Um Site baussen ass keng Maskepflicht. An de Gebeier, wou een aner Leit/Gruppen ka kraizen soll eng Mask gedroe ginn.

An deene gebuchte Raim an op den Aktivitéite sinn d'Reegele laut sanitärem Konzept anzehalen.

## 2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?

An der Entrée vum Site steet e Spender mat Désinfectant.

Op verschidde Plazen um Site ginn et zousätzlech Méiglechkeeten seng Hänn ze wäschen an ze desinfizéieren.

## 3. Ginn et Restriktionen bei der Zirkulatioun um Site?

Et gi keng allgemeng Restriktionen fir d'Zirkulatioun ausserhalb vun de Gebaier.

D'Gruppe sollen an hiren zougedeelten Openthaltsberäicher bleiwen, a bei der Zirkulatioun duerch d'Gebeier hiir Mask unhunn.

Plazen a Raimlechkeeten wou Gruppen sech ophalen sinn vun aneren Leit, di näischt mam Grupp ze dinn hunn, ze évitéieren.

## 4. Wéi organiséieren mir den Accueil?

D'Sekretariat soll just vun de Responsabele vun de Gruppe mat Mask betruede ginn. An d'Sekretariat dierf maximal eng Persoun.

Fir d'Entgéhuelen vu Material wat vun aneren benotzt ginn ass, stinn dem Personal Händschen zur Verfügung.

### **Tracing:**

Fir de Retracage ze vereinfachen, muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeën vun allen Participanten an Encadreuren. Dës Lëscht muss de Responsabel vum Grupp (oder Encadrant) am Sekretariat ofginn. D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulech fir 15 Deeg gehalen an duerno zerstéiert.

## 5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt?

Grundsätzlech gëllt, dass Material emmer nëmme vun enger Persoun soll genotzt ginn.

Bei Material wat aneren zur Verfügung gestallt gëtt, gëllt dat dëst no all Gebrauch muss ofgewäsch oder desinfizéiert ginn. Dee Mataarbechter, deen Material raus gëtt, muss sech och em d'Desinfizéieren respektiv d'Mise en Quarantaine vum Material mat enger Mindestzäit vun 48 Stonnen këmmen.

## 6. Wéi ginn d'Openthaltsberäicher (Vestiairen, Pausen- & Openthaltsraum) agedeelt?

All Grupp kritt en Openthaltsberäich fir d'Zäit vu sengem Openthalt zougedeelt.

Dësen besteet ëmmer aus op mannst engem Openthaltsraum, enger Openthaltsplatz baussen an engem Vestiaire mat Douchen a Sanitären. Jee no Disponibilitéit ass et och méiglech am Virus weider Raim oder Plazen derbäi ze buchen.

Gruppe solle sech während hirem Openthalt an ausserhalb vun den Aktivitéiten nëmmen an hirem Openthaltsberäich ophalen. D'Raimlechkeeten an d'Plaze däerfe gläichzäiteg just vun engem Grupp benotzt ginn a sollen tëscht all Benotzung gelëft a gebotzt ginn.

Eng Affiche weist jiddereen drop hin dat virum Betrieden d'Hänn ze wäschen, bzw. ze desinfizéiere sinn. E Spender mat Desinfektionsmëttel steet bei der Haaptentrée.

Gruppen iessen all setzend un Dëscher oder am Bausseberäich.

D'Personal ësst um 1. Stack an évitéiert all Raimlechkeeten zu den Auerzäiten zu deenen Gruppen do ophalen.

D'Dëscher ginn esou opgestallt dat tëscht den Dëscher e Mindestofstand vun 1,5m ass.

Maximal Gruppegréisst pro Raum (setzend): 4 Persoune pro Dësch, Buvette: 5 x 4 (max. 20 Persounen), Salle de Cours: 6 x 4 (max.24 Persounen)

## 7. Wéi gëtt d'Botzen vum Zenter organiséiert?

D'Botzpersonal huet d'Uweisung all Raum, Bureauen, d'Sanitären a besonnesch och di eenzel Points de contacts (Klenschen etc.) méi reegelméisseg, och mat Désinfectant ze botzen.

## 8. Wéivill Leit dierfen an di verschidden Reunionssäll ?

Intern Reunionen kënnen mat bis zu 10 Persounen ouni Mask stattfannen. Ab 11 Persoune gëllt de Covid-Check.

Reunionen mat externe Participante müssen ëmmer ënner Covid-Check gehale ginn

D'Reunionssäll gi no all Réunion gelëft. Dëst soll vun der Persoun déi d'Reunion aberuff huet, no der Réunion assuréiert ginn.

## 9. Wei ass d'lessen op der Base Nautique organiséiert?

D'Gruppen iessen an hiren zougedeelten Openthaltsreim oder op hire Plazen baussen. D'Plazen müssen propper hannerlooss ginn.

Befier eng Manipulatioun an der Kichen oder Buvette (Geräter, Geschier etc.) gemaach gëtt, mussen d'Hänn gewäscht oder desinfizéiert ginn. An der Kichen steet e Spender mat Désinfectant zur Verfügung. D'Kichen a Buvette mussen no all Benotzung vum Utilisateur gebotzt ginn. Benotzte Kichematerial, lessbesteck a.s.w. mussen an der Spullmaschinn oder mat waarmem Waasser a Spullmëttel gespült ginn. lesswueren am Frigo mussen zou verpaakt gelagert ginn.

D'Personal kann am Openthaltsraum, oder dobaussen op engem Dësch, deen sech net an enger Zone befënnt déi vu Gruppe genotzt gëtt, oder um Bureau iessen.

D'Proffen-Equipe an d'Freelances hunn déi selwecht Raimlechkeeten wéi dat fest Personal zur Verfügung wou si kennen iessen.

D'Baussemiwuelen gi net oofgemeet. Eng Notzung vun dëse Miwwelen geschitt deemno op eege Verantwortung.

## 10. Wat sinn d'Mesure wann de Serviceauto benotzt gëtt?


Wann zwee Leit am Auto sëtzen ass de Mask unzehalen.

Et dierf ee net zu 3 op enger Bänk setzen. Och hei ass di maximal Distanz anzehalen.

De Fuerer an de Bäifuerer sollen iwwert déi ganz Zäit vum Trajet déi selwecht Rolle bäibehalen.

Virum Fueren an duerno mussen d'Steierad, de Schaltknëppel, d'Handbrems, d'Diirgrëffer, de Réckspigel an och den Tableau de bord mat de Knäppercher desinfizéiert ginn.

11. Plang vum Site - Accueil Groupen



## 12. Mesuren op den eenzelnen Aktivitéiten

D'Encadrants vun der BNL deelen d'Gruppen an déi definéiert Openthaltsplazen an, wa se ukommen. D'Aktivitéite sinn de Covid-Mesuren ugepasst.

Et besteet Maskepflicht fir den Encadrant vun der BNL, wa net anescht méiglech, op all den Aktivitéiten wann 2 Meter Ofstand net kennen agehale ginn.

Virun, während a no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet seng Hänn ze wäschen oder ze desinfizéieren.

D'Material gëtt vun den Accompagnateuren (Déi hunn virdrun d'Hänn desinfizéiert) un d'TN verdeelt.

All TN kritt säin Material an et gëtt net ënnereneen getosch.

Material gëtt souwäit dat méiglech ass no der Aktivitéit ofgewäsch oder desinfizéiert.

Material wat net kann desinfizéiert ginn, gëtt fir 48 Stonnen erausgeholl a separat gelagert.

Op Aktivitéiten wou Helmer zum Asatz kommen kritt all TN e frësche Buff fir ënnert den Helm unzedoen. Des müssen no der Aktivitéit an der Maschin gewäsch ginn.